

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« Bei Stauen op der Autobunn kënt et dacks vir, dass Motorradfuerer d'Autoen iwwerhuelen, andeems se duerch d'Rettungsgaass an der Mëtt vun der Bunn fueren („lane-splitting“ genannt). Dëst ass awer u sech zu Lëtzebuerg – am Géigesaz zu villen anere Länner – verbueden.

Allerdéngs suggeréieren Etüden, dass dës Praxis méi sécher ass fir d'Motorradfuerer selwer, well doduerch de Risiko fir Accidenter duerch Opfuere reduzéiert gëtt. Aus deem Grond hat de Ministère och schonn 2016 en Aarbechtsgrupp lancéiert, fir z'analyséieren, ob een dës Praxis net och hei am Land legaliséiere kéint.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:


- *Wou sinn d'Aarbechte vun dësem Grupp drun?*
- *Kann den Här Minister eventuell schonn eng Konklusioun vun dësen Aarbechten zéien?*
- *Wat wieren d'Grënn fir dës Praxis weiderhin net z'erlaben? »*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'Max Hahn', written over a horizontal line.

Max HAHN
Deputéierten